# ZE FOUSS OP TOKYO

1. Mäerz – 20. Mee

Fir och a Corona Zäiten de Spaass un der Beweegung weider ze vermëttelen, mécht d'Albert Wingert Schoul am Kader vum ERASMUS+ Projet sech op de Wee fir op eng Schoul-Olympiad zu Tokyo ze goen.



## Wéi ?

Fir um Projet deelzehuelen, kann all Klass vun der Albert Wingert Schoul d'Kilometeren zielen, déi se während engem Tréppeltuer zereckgeluecht huet an se mat deene vun anere Klasse zesummenrechnen. Et ginn och Tréppeltier am Kader vun den Turnstonnen organiséiert. D'Zil ass et dobäi zesummen eng Gesamtdistanz vu Lëtzebuerg bis ob Tokyo zeréck ze leeën.

## Etappen

Als éischt Etapp tréppelen d'Schüler zesumme gerechent bis op Athen, wou si sech dann mat deenen anere 5 Länner, déi beim Erasmus+ Projet matmaachen, treffen.

Bei der zweeter Etappe tréppelen d'Schüler da weider vun Athen bis op Tokyo. Heibäi ginn d'Kilometere vun sämtleche matmaachende Schüler aus deene 6 Schoulen zesumme gerechent, fir dann op d'Gesamtdistanz vun 12'659 km ze kommen.

## Olympiad

Wann dat Zil zesummen erreecht gouf ginn ofschléissend, ewéi zu Tokyo, olympesch Spiller zu Schëffleng organiséiert fir de Schüler déi olympesch Werter an de Spaass um Sport ze vermëttelen. Let's Move !